

„Eng Platz
**fir Jonker,**
eng Platz
**fir dech**"

# Eng Stëmm fir Jonker,
# **eng Stëmm** fir **dech**

D'Jugendhaus bitt vill flott Aktivitéiten u wéi **Sport, Kachen, Billard, Kicker an nach vill weider individuell Angeboter,** sief et dobannen oder dobaussen.

Zousätzlech huet dir och d'Méiglechkeet, op professionell **Ënnerstëtzung vu Psychologen** zréckzegräifen, wann dir e Gespréich braucht oder Hëllef an ärem Alldag sicht.

**Kommt laanscht, mir freeën eis op iech!**





## Jugendhaus Briddel
## Croix-Rouge

Méindes: zou
Dënschdes: 14 Auer - 19 Auer
Mëttwochs: 15 Auer - 19 Auer
Donneschdes: 14 Auer -19 Auer
Freides: 16 Auer - 22 Auer
Samschdes: 14 Auer -19 Auer
Sonndes: zou

*Zäit* fir **Jonker,**
*Zäit* fir **dech**

Firwat
## Jugendhaus?

01
**Secheren Treffpunkt**
Am Jugendhaus hues du eng Plaz, wou's du dech mat Frënn kanns treffen a dech wuel fille kanns. E Raum fir dech, wou's de akzeptéiert gëss.

02
**Selbstbewosstsinn stäerken**
Du léiers dech selwer besser kennen, kanns däin eegene Wee fannen a méi zouversiichtlech ginn.

03
**Neies erliewen**
Am Jugendhaus kanns de un Atelieren, Projeten oder Aktivitéiten deelhuelen an deng Talenter entdecken an entwéckelen.

Zesumme bilde mir eng **individuell** an **oppen Ekipp**, déi ëmmer **fir dech do** ass a probéiert dech esou gutt et geet an dengem Liewenswee, dengen Interessen a Kompetenzen ze **ënnerstëtzen.**

Eisen
## Service

**Ennerstëtzung**
Mir bidden dir eng vertraulech a sécher Platz fir Gespréicher, Austausch an Orientéierung – a begleeden dech duerch all Challenge vum Liewen.

**Angebot**
Mir organiséiere reegelméisseg sportlech, kulturell a sozial Aktivitéiten, déi zu dengen individuellen Interessen passen.

**Gestaltung**
Am Jugendhaus kanns de selwer entscheeden, wat's de maache wëlls an du kanns och bei dem matschwätzen, wat am Haus geschitt.

Vun **Dënschdes bis Samschdes** si mir fir dech scho **moies ab 11 Auer per Telefon erreechbar. Freides** si mir nomëttes **ab 14 Auer erreechbar** a bidden no Ofsprooch och **individuell Rendez-vousen ausserhalb vun den Éffnungszäiten un.**

Bei Froe kënnt dir iech gären un d'Educateure vum Jugendhaus wenden!



Hues du Froen?
## Kontakt:

5, rue Gerden L-8132 Bridel

26 33 17 12 - 621 836 774

jugendhaus.bridel@croix-rouge.lu

Jugendhaus Bridel

croix-rouge luxembourgeoise
Mënschen hëllefen

Koplescht Briddel